

Ons Stad. Déi beschte Plaz. Fir ze liewen!

Ons Stad.

Dat ass déi Plaz, wou mir als Mënsche liewen an zesummeliewen. Mir liewe well zu 133.000 aus gutt 167 Länner an onser Stad. An all Joers komme ronn 3.000 nei Awunner bäi.

Mir, d'Mënschen, sinn also d'Stad. All zesumme maachen an di mir ons Stad liewen. Jidderee vun ons wëll, **datt d'Liewen an d'Zesummeliewen an onser Stad déi bescht méiglech sinn.**

Dëst ass och d'Ziel an d'Engagement vun de 27 Kandidaten vun der CSV fir d'Wale vum neie Stadter Gemengerot den 11. Juni 2023.

Ons Kandidaten, dat sinn 12 Fraen an 15 Männer, déi als engagéiert Awunner d'Diversitéit vun onser Stad verrieden: 7 verschidden Nationalitéite mat engem Duerchschnittsalter vu 45,8 Joer.

Als CSV wëlle mir gestärkt aus de Gemengewale goen. An de Joeren déi kommen, wëlle mir ons Stad féieren. Als Equipe ronderëm onse Spëtzekandidat, de Serge Wilmes, als nächste Buergermeeschter.

Zesumme wëlle mir dat ganz Potential vun onser Stad notzen, aus hir déi Plaz mat der beschter Liewensqualitéit fir ons Matbierger maachen:

Ons Stad. Déi beschte Plaz, fir ze liewen!

Dëst ass ons Visioun, Ambitioun an Engagement fir ons Stad. Eng weider open, modern a multikulturell Stad. Eng nohalteg Stad vun de kuerze Weeër an där onst ganz Liewen eng Plaz huet.

Mir engagéieren ons prioritär fir:

- Lieweg a gemëscht Quartieren, déi ons alles bidde wat mir am Alldag brauchen.
- Attraktiv, gréng a sécher ëffentlech Quartiersplazen.
- Nei, nohalteg Quartieren, mat där beschter Liewensqualitéit an dausende vun abordabele Wunnengen.
- De prioritären Ausbau vu Bus an Tram, manner Duerchgangstrafic, sécher Weeër fir zu Fouss ze goen a mam Velo ze fueren.
- Ons Stad bis 2040 klimaneutral a -resilient ze maachen.
- D'Schafe vun enger visibler Gemengepolice, déi no um Bierger ass.
- Nach méi sozialt Engagement fir ons Matmënschen a Nout.
- Modern, innovativ Schoulen a Betreuungsstrukturen, flott Schoulhaff a Spillplazen, déi onse Kanner déi beschten Zukunftschance ginn.
- D'Méiglechkeet, nei Iddeen ze realisieren a produktiv ze wirtschaften.
- Eng performant an digitaliséiert Verwaltung am Déngscht vun onsen Awunner
- Direkt Partizipatioun vun onse Matbierger.

Den 11. Juni hutt Dir de Choix. Wëllt och Dir datt ons Stad, déi beschte Plaz fir ze liewen ass? Da schenkt onst Äert Vertrauen. Wielt den 11. Juni CSV!

Serge Wilmes, Spëtzekandidat, Eischte Scheffen, Deputéierten

Ons Stad, déi beschte Plaz fir ze liewen, bedeit fir ons...

...dat Bescht aus onse Quartiere maachen.

- **Ons 24 Quartiere solle lieweg a gemëscht sinn. Kompakt Quartiere vun de kuerze Weeër, déi ons alles bidden, wat mir am Alldag brauchen.**
- **An de Quartiere lount/verlount d'Gemeng Geschäftslokaler an installéiert öffentlech Verkafskiosken.**
- **Attraktiv, gréng a sécher öffentlech Quartiersplazen a -parken amenagéieren.**
- **Op de Gemegeterrainen an de Quartiere weider abordabel Wunnenge bauen.**
- **An alle Quartiere mat den Awunner zesummen Entwécklungspläng maachen.**

- **Ons 24 Quartiere solle lieweg, gemëscht a matenee verbonne sinn. Kompakt Quartieren (multifunktionnell a polyzentresch) vun de kuerze Weeër, déi ons alles bidden, wat mir am Alldag brauchen.**

Ons Quartiere brauchen ee méi equilibréierte Mix vun Alldagsstrukturen an -infrastrukturen. Genuch Crèchen, Foyeren, Schoulen, Sportsanlagen, Spillplazen, Parken/Gréngflächen, Jugendhaiser, Alterswunnengen, Kulturinstituter asw. Ons Quartiere ginn doduerch méi lieweg a méi nohalteg well d'Distanze méi kleng ginn a méi Awunner zu Fouss goe kënnen, mam Velo oder Bus fuere kënnen.

- **An de Quartiere lount/verlount d'Gemeng Geschäftslokaler an installéiert öffentlech Verkafskiosken.**

Ons Quartiere brauche besonnesch méi Commercer an Servicer. Dofir lount a verlount d'Gemeng Geschäftsflächen an de Quartieren an installéiert op enger Rei reamenagéierte Quartiersplazen öffentlech Verkafskiosken (Beispill: Kiosken als feste Maart op der Theaterplaz oder ee Verkafskiosk op der Place de France).

- **Den öffentleche Raum an onse Quartiere soll attraktiv, gréng a sécher sinn. An alle Quartiere gi Plazen a Parke konvival amenagéiert an/oder reameangéiert. D'Awunner ginn dobäi systematesch matagebonnen.**

D'öffentlech Plazen a Parke sinn d'Häerz vun enger Stad, et ass do wou onst Liewen an Zesummeliewe sech konzentréieren. Si gi gebraucht fir ons ze begéinen, z'entspannen, z'erhuelen, fir d'Liewensqualität, d'Sécherheet an d'Biodiversitéit an de Quartieren ze stäerken. D'öffentlech Plazen a Parke gi Struktur an Identitéit, erméigleche Vitalitéit an Austausch, markéieren d'Bild an d'Identitéit vun engem Quartier, vun onser Stad.

Een no de Besoine vun den Awunner a mat hinnen zesummen amenagéierten öffentleche Raum bréngt neit Liewen an ee Quartier. Liewen, dat besonnesch d'Offer u Quartierscommercer/-servicer stäerkt a méi grouss mécht. Ee méi liewegen, öffentleche Raum wäert genee wéi eng nei geschafe Gemengepolice, onsen Awunner méi Sécherheet an onser Stad ginn.

- z.B. Aménagement an Réaménagement vum Pourtour vum Péitrusdall (ëffentleche Raum vum bvd. Roosevelt, Place de Bruxelles, der Neier Bréck, Place de Metz, bvd. de la Pétrusse an der Aler Bréck)
- den ëffentleche Raum tëschent der Uewerstad, der Gare a Bouneweg matenee verbannen.
- Réaménagement vun der Place de la Gare, der Aler Avenue, der Rue du Fort Neiperg, der rue de Bonnevoie, der Place Wallis, der rue Jean Origer.
- Réaménagement vun der Ënneschtgaass, dem Kleng Knuedler, der rue du Fossé, der Theaterplaz (mat engem permanente Maart), der rue Beaumont an der Place des Bains.
- Nei amenagéiert Zentralplaze fir de Lampertsbiërg, Bouneweg, Beggen, Märel-Belair, Hamm, Gaasperech (Sauerwiss), der Polvermillen.
- Réaménagement vun der Echer Plaz an dem Zentrum vun Al Eech.
- Laanscht den Tram den ëffentleche Raum als Entrée zu de Quartieren amenagéieren.

Iwwerall do, wou d'Konditiounen et erlaben (keng ënnerierdesch Infrastrukturen, genuch Plaz fir de Buedemraum), ginn op den ëffentleche Plazen a laanscht d'Stroosse systematesch Beem, Gesträichs a Blumme geplanz. An enger Rei Quartiere gi kleng/mëttelgrouss Parke geschaf (z.B. zu Hollerech ronderëm dat fréiert Paschtoueschhaus, um Cents, um Kiem, um Belair wou de Stade Josy Barthel ee Park wäert ginn). D'gréng Flächen an de Quartieren an tëschent de Quartiere gi méi matenee verbonne (wéi zB déi um Lamperstbiërg, an des Gréngfläche mat deene vum Rollengergronn a bis erop op de neie Wunnquartier „Stade“).

- **Fir datt méi Matbiërg an onser Stad liewe kënnen, baut d'Gemeng an de Quartieren, op deenen Terrainen, déi hir gehéieren, weider abordabel Wunnengen.**

Op hiren Terrainen an de Quartiere baut d'Gemeng selwer, weider verschidde Formen/Type vu abordabelen, nohaltegen a barrièrefräie Wunnengen. D'Gemeng ënnerstëtzt a begleet och all privat Initiativ fir an de Quartieren esou Wunnengen ze bauen oder Wunnengen ze renovéieren.

- **An alle Quartiere ginn zesumme mat den Awunner Entwécklungspläng gemaach.**

Déi bescht Quartiere fir ze liewen, kréie mir nëmmen all zesummen entwéckelt. Dofir ginn am éischte Joer vum Mandat vum neie Schefferot pro Quartier d'Awunner invitéiert fir zesumme Quartiersentwécklongpläng ze maachen. D'Resultat solle konkret Mesure sinn fir ons Quartiere weider z'entwéckelen. Esou kënnen ons Quartieren den aktuellen an zukünftege d'Besoinen/Intérête vun den Awunner gerecht ginn.

... déi beschten nei Quartiere bauen.

- D'Gemeng baut prioritär nei, nohalteg, kompakt Quartiere mat där beschter Liewensqualität an dausenden abordabele Wunnengen (Porte de Hollerich, Aarelerstrooss, Faiencerie).
- Am Mëttelpunkt steet déi aktiv a ëffentlech Mobilitéit.
- Den ëffentleche Raum gëtt konvivial amenagéiert a mat vill Gréngs dem Klima ugepasst.
- De Verbrauch vu Fläche gëtt duerch Verdichtung kleng gehalten.
- Minimalsten Energiebesoin, dee vu lokaler, erneierbarer Energie gedeckt gëtt (Sonn, Loft a Buedemwäermt).
- Quartieren, déi d'Ressource schätzen a regenerativ sinn (Kreesslafwirtschaft).

- An den nächsten 10 bis 15 Joer baut d'Gemeng als Haaptacteur eng Rei nei, nohalteg, kompakt (multifunktionell a polyzentresch) urban Quartiere mat dausenden abordabele Wunnengen, fir datt jiddereen an onser Stad liewe kann.

Prioritär op der Porte de Hollerich, op der Aarlerstrooss (Wunnquartier „Stade“) an um Site vun der fréierer Faiencerie am Rollengergronn. An dese Quartiere sti vun Ufank u mir, d'Mënschen, mat onsen aktuellen an zukünftege Besoinen am Mëttelpunkt. D'Gemeng baut hei staark equipéiert Quartieren, mat enger grousser Mixitéit a Konzentratioun vun Alltagsstrukturen/-servicer. Dës Quartiere si Quartiere vun de kuerze Weeër well si den Awunner Alles fir hiren Alldag bidden. Den Akzent läit dofir op där aktiver Mobilitéit (zu Fouss/mam Velo) an dem ëffentlechen Transport (Bus/Tram).

Dausende vu bezuelbaren a vill verschiddenen Typen a Gréisste vu Wunnenge ginn an dese neie Quartieren gebaut. Wunnenge fir all Liewenssituatiounen, fir jonk Famillje bis zum Wunnen am Alter. Hei wäerten och alternativ Forme vu Wunnen entstoen (z.B. gemeinschaftlecht Wunnen, Generatiounswunnengen, Baugruppen).

All d'Gebaier/Wunnenge wäerten energetesch-thermesch esou optiméiert sinn (klimaneutral), datt si esou mann wéi méiglech Energie verbrauchen a mat maximal lokal produzéierter, erneierbarer Energie versuergt ginn (Sonn, Loft, Buedemwäermt). An engems gi si aus deem fir d'Gesondheet an d'Natur beschestem Material gebaut (dat nees getrennt an erëm benotzt ka ginn) mat op den Diecher, un de Fassaden a ronderëm vill Gréngs. All d'Gebaier a Fräiraum wäerte barrierefräi sinn.

- Den ëffentleche Raum an deene neie Quartiere gëtt an engems konvivial an un d'Klima ugepasst.

Den ëffentleche Raum an deene vun der Gemeng nei gebaute Quartieren, bidde vill Gréngs, Schiet a Waasser a schützen doduerch besser géint d'Konsequenze vum Klimawandel (z.B. d'Hëtzt). E léist d'Waasser duerch well e minimalst versiggelt ass.

Déi gréng Flächen a déi Diecher vun de Gebaier mat Gréngs drop, ginn als Retentioun a Späicherong vum Reewaasser genotzt.

D'ëffentlech Plaze ginn zesumme mat den Awunner geplangt a gestallt, fir datt si hire Besoinen entspriechen an doduerch konvivial ginn. Niewend Plaze wou eng lass ass, ginn et och eng ganz Rei Plaze wou et méi roueg, entspaant ass. An engems ginn et formell Plaze fir ze spillen (Spillplazen) an non-formeller (terrains vagues).

- **An dëse neien, nohaltege Quartiere gëtt op Verdichtong gesat, d'Fläche ginn optimal genotzt andeems esou mann wéi méiglech Fläch verbraucht gëtt.**

Op der Porte de Hollerich, der Aarlerstrooss an der Faiencerie gëtt „Stad mat der Stad“ gemaach, well déi nei Quartieren zum gréissten Deel op Flächen/Plaze gebaut ginn, déi et scho ginn an déi nei geduecht a genotzt ginn. An engems wäerten all dës Flächen duerch Verdichtung optimal genotzt an de Flächeverbrauch kleng gehale ginn.

- **Den Energiebesoin vu den neien, nohaltege Quartiere gëtt esou kleng wéi méiglech a kënn maximal vu lokal produzierter, erneierbarer Energie (Sonn, Loft a Buedemwäermt).**

An deene neie Quartiere gi keng Fossil Energie méi verbraucht. Den Energiebilan gëtt klimaneutral an Projete mat positiver Energie gi méiglech gemaach.

- **Nohaltege Quartieren, déi d'Ressource schätzen a regenerativ sinn.**

An dësen neien, nohaltege Quartiere wäert Alles eng Ressource fir eppes Neies kënnen sinn. Si wäerten de Prinzip vum Kreesslaf applizéieren. Esou gëtt scho beim Bau vu de Gebaier an den Infrastrukturen opgepasst, datt d'Material gesond ass an nees eng Kéier ka gebraucht ginn. Dofir muss et einfach kënnen getrennt an demontéiert ginn. De Prinzip vum Pollueur-Payeur gëtt zu 100% applizéiert. D'Topographie vun deenen eenzele Site gëtt genotzt a valoriséiert. Et gëtt versicht een Equiliber tëschent Buedem eraushuelen an opschëdden ze fannen.

...déi beschte Mobilitéit fir ons Stad.

- **Mënschegerecht an nohalteg Mobilitéit, vun de kuerze Weeër.**
- **D’Ziel: 40% mam Auto an 60% mam Tram/Bus, Velo an zu Fouss.**
- **Dofir de prioritären Ausbau vu Bus an Tram.**
- **De séchere Velosréseau fäerdeg bauen a weider komfortabel Wëer fir zu Fouss ze goen.**
- **Den Duerchgangsverkéier aus de Quartieren huelen.**
- **Nei Mobilitéitsformen an technologesch Entwécklungen ënnerstëtzen.**

- **Eng Mënschegerecht an nohalteg Mobilitéit vun de kuerze Weeër, déi Klima an Natur schounen. Ons Matbierger sollen och an Zukunft an onser Stad mobil sinn.**

An onser Stad, déi weider wuesse wäert, gëtt an den nächste Joeren dee mat onse Matbierger ausgeschaffte Mobilitéitsplang konsequent ëmgesat an den aktuelle Modalspilt vu 40/60 op 60/40 ëmgedréint. Dat bedeit, datt an Zukunft d’Beweege mam Auto 40% amplaz vun haut 60% vun alle Beweege sinn. Zu Fouss goen, mam Velo, Bus an/oder Tram fueren, sollen zesumme 60% vun alle Beweege amplaz vun haut 40% sinn.

D’Fundament vun esou engem neie Modalspilt ass déi kompakt (multifunktionell a polyzentresch) Entwécklung vun onser Stad an hire Quartieren (cf. Kapitelen iwwert d’Quartieren). Doduercher ginn d’Weeër an der Stad méi kuerz. Méi vun ons kënnen sech an onser Stad, zu Fouss, mam Velo oder Bus/Tram hin an hier beweegen.

- **De Bus- an Tramsréseau mussen dofir prioritär a massiv ausgebaut ginn.**

De Bus an den Tram sinn haut schon, a gi muer nach méi, d’Réckrat vun der öffentlecher, kollektiver Mobilitéit an onser Stad. Si hunn dat gréisste Potenzial fir nach vill méi vun onse Matbierger fir hir Alldagsbesoinen, eng Alternativ zum Auto ze bidden.

Fir den öffentlechen Transport auszubauen, ginn nei Korridore mat héicher Kapazität definiéiert an amenagéiert (zB op der Escher- an Aarelerstrooss, a Richtung Hollerech an dem Kierchbiereg). Déi aktuell Kapazität vu Bus an Tram gëtt voll ausgenotzt an nei Verbindongen tëschent de Quartiere gi geschafen (ouni datt all d’Linnen duerch de Stadzentrum fuere mussen).

Déi geplangten nei Tramlinne gi gebaut a si wäerten déi aktuell an zukünfteg grouss Wunnquartiere vun der Stad matenee verbannen. Den Tram gëtt allgemeng méi als interurbant Transportmëttel an Instrument vun der Quartiersentwécklung agesat.

D’Flott vun de Busser vun der Stad gëtt weider elektrifizéiert an an engems ginn och Waasserstoffbusser kaaft. Um Site vun den AVL gëtt dofir eng Waasserstofftankstell gebaut, déi och öffentlech accessibel gëtt.

- **De séchere Velosréseau fäerdeg bauen a weider komfortabel Weeër fir zu Fouss ze goen.**

Komplementär zum Ausbau vum Bus- an Tramsréseau an als weider Alternativ zum Deplacement mam Auto fir kuerz Strecken, gëtt iwwert d'ganz Stad de leeschtungsstaarke Réseau vu séchere Velospiste fäerdeg gebaut. Fir nach besser Verbindungen ze schafen an d'Zufoussgoen ze stäerken, ginn a verschiddene Quartieren eng Rei Lifter a Passerellen (Lampertsbiërg/Millebaach, Gëlle Fra) gebaut an ëffentlech Plazen, Zone de rencontre a Foussgängerzonen amenagéiert/reamenagéiert.

- **Den Duerchgangsverkéier aus de Quartieren huelen.**

De Mobilitéitsplang vun der Stad gëtt zesumme mat den Awwunner am Kader vun den Quartiersentwécklungspläng (cf. Kapitel: „...dat Bescht aus onse Quartiere maachen“) mat konkrete Mesuren ëmgesat fir den Duerchgangsverkéier aus de Quartieren ze kréien (z.B. mat Hëllef vun Sens uniqueën, dem Kappe vu bestëmmte Stroossen asw.).

An engems gëtt op alle Stroosse vun der Stad (bis op d'Hauptverkéiersachsen), déi nach net esou reglementéiert sinn, 30 km/h agefouert. All d'Stroossen, déi 30km/h sinn, ginn direkt mat provisoreschen an duerno am Kader vun Réamenagementsprojete mat definitive Mesuren verkéiersberouegt. Deeler dovunner kënnen dann och vun den Awwunner am Sënn vu méi Noperschaft a Konvivialitéit anescht benotzt ginn.

Parallel gëtt een iwwergeuerdnete Réseau vun Hauptstroossen definiéiert, deen d'Kapazität huet fir de Gros vum Autosverkéier opzehuelen. Dozou gehéieren eng Rei nei Haaptachsen, ewéi de Boulevard de Merl, de Boulevard de Cessange oder de Bypass tëschent Dummeldeng a Beggen, déi onbedéngt an de nächste Joere mussen gebaut ginn. Doduerch kéinten eng Partie aktuell Hauptstroossen (z.B. Lonkeschersstrooss, Märelerstrooss, Aarelerstrooss) entlaascht ginn an esou méi Plaz fir den ëffentlechen Transport gewonnen ginn.

Mat Hëllef vun der Smart-City Strategie vun der Stad gëtt duerch d'Digitalisatioun vun de Servicer d'Fluxë vum Autosverkéier optimiséiert (z.B. mat Hëllef vun antizipative Verkéiersberechnungen a -management). An deem Kader gëtt och déi aktuell Stationnementspolitik iwwerschaft.

- **Nei Mobilitéitsformen an d'technologesch Entwécklung ënnerstëtzen.**

De motoriséierte Verkéier mat sengen techneschen Entwécklungen, wéi d'Elektro-, Waasserstoff-, d'E-Fuel-Mobilitéit oder de Car-sharing, gehéieren och zur Mobilitéit, déi Klima an Natur schount.

Dofir baut d'Stad z.B. de Carsharingsystem nach weider an deene Quartieren aus wou eng reell Demande dofir besteet. An deene vun der Stad nei gebauten, nohaltege Quartieren, gi Sammelgaragen (mobility hubs) an innovativ „shared mobility“ Offeren nom Prinzip „Mobility as a service“ ugebueden.

Ee Pilotprojet gëtt ëmgesat fir een Deel vun de Liwwerunge mat Hëllef vun Cargobiken oder klengen elektresche Camionette vun enger zentraler Plattform aus an d'Quartieren ze bréngen. Mam Ziel de Schwéierlaaschtverkéier substantiell ze reduzéieren.

Beim Ausbau vum Réseau vun Elektroborne wäert d'Gemeng weider an engems Acteur a Facilitateur sinn. Acteur bei sech selwer, andeems an de Garage vun der Gemeng hire Wunnengen/Gebaier an an den ëffentleche Parkinge genuch Elektrobornen installéiert ginn.

Facilitateur par rapport zum ëffentlechen a private Raum, andeems am Kader vun enger nationaler Strategie an zesumme mat alle concernéierten Acteuren dofir gesuergt gëtt, datt de gesamten Territoire vun der Stad mat Bornen ofgedeckt gëtt an d'Stroumversuergung garantéiert ass.

...dat beschte Klima fir ons Stad.

- **Ons Stad bis 2040 klimaneutral an klimaresilient maachen.**
- **Mat méi Berodung a finanzieller Hëllef jiddereen um Wee an d'Klimaneutralitéit a -resilienz mathuelen.**
- **Déi kompakt Stad ass d'Fundament fir eng klimaneutral a -resilient Stad.**
- **Ee Klimaplang ausschaffen, deen aus Klimaschutz a Klimaupassung besteet.**
- **Fir onst Klima ze schützen: nohalteg Mobilitéit, Sanéierung vun de Gebaier, manner Energieverbrauch, méi erneierbar Energien an Offall vermeiden.**
- **Fir ons un d'Klima unzepassen: méi Beem a Gréngs am ëffentleche Raum/op de Gebaier, genuch Parken, renaturéiert Baachen a Flëss, gesond Bëscher an eng garantéiert Dréinkwaasserversuergung.**

- **Ons Stad bis 2040 klimaneutral a klimaresilient maachen.**

Déi beschte Plaz fir ze liewen, kréie mir nëmme wa mir an Zukunft ee gutt a gesond Klima an onser Stad hunn.

Dofir sollen bis 2030 an onser Stad 55% manner CO2 ausgestouss ginn (par rapport zu 2014) an d'Stad bis 2040 klimaneutral ginn.

Parallel soll ons Stad duerch eng nohalteg, kompakt Entwécklung a Weiderentwécklung un d'Verännerung vum Klima ugepasst a bis 2040 och klimaresilient ginn.

- **Mat méi Berodung a finanzieller Hëllef jiddereen um Wee an d'Klimaneutralitéit a -resilienz mathuelen.**

Déi klimagerecht Stad muss fir ons eng sozialgerecht Stad sinn. Eng effikass Klimapolitik, déi och wierkt, muss op laang Siicht d'Liewe vun all onse Matbierger verbessern. Den CO2 erofsätzen, sech un d'Konsequenze vum Klimawandel upassen an ons Natur erhalen, mussen also och dozou féieren, datt sozial Ongläichheete méi kleng ginn.

Um Wee fir an d'Klimaneutralitéit a -resilienz wëlle mir jidderee mathuelen. Dofir bitt d'Stad onse Matbierger bei hiren Efforten eng nach méi aktiv Berodung, Begleedung a finanziell Hëllef un.

An engems geet d'Stad selwer mat guddem Beispill vir an hält iwverall do wou si Acteur ass, Mesure fir d'Klimaneutralitéit an -resilienz z'erreechen.

Allerdéngs ass nach ni eng ganz Stad decarboniséiert ginn an dofir kritt d'Stad hir d'Klimazieler och net ganz eleng erreecht. Gemeinsam, ëffentlech a privat Mesuren a massiv Investitioune gi gebraucht. Dofir sëtzt d'Stad, niewend der Regierung als Acteur, och op d'Kooperatioun an d'Stärkung vun onser lokaker an nationaler Economie an hirer Kapazitéit fir z'innovéieren an op ons Finanzplaz an d'Europäesch Investitiounsbank fir déi ëffentlech a privat Klimamesure mat ze finanzéieren.

- **Déi kompakt Stad vun de kuerze Weeër ass d'Fundament fir eng nohalteg, klimaneutral an klimaresilient Stad ze ginn.**

Stied hu gutt Viraussëtze fir klimaneutral a -resilient ze gi well op engem limitéierten, kompakten Territoire sech déi ënnerschiddlechst Liewensfunktione vu ganz ville Mënsche konzentréieren an esou Ressourcen, Strukturen an Infrastrukturen effizient genotzt ginn.

Dëst Fundament gëtt gestärkt fir datt ons Stad bis 2040 klimaneutral a klimaresilient ka ginn. Ons Stad gëtt dofir an den nächste Joeren nach méi zu enger kompakter, multifunktioneller a polyzentrescher Stad vun de kuerze Weeër weiderentwéckelt an där onst ganz Liewen eng Plaz huet. Eng Stad an där jidderee vun ons, bei sech am Quartier, zu Fouss, mam Velo, Bus/Tram, genuch Alldagsstrukturen ewéi Quartierscommcercer a -servicer fënnt, et konvivial ëffentlech Plazen a Parken, kléng a gréisser Gréngfläche mat vill verschidde Zorte vu Planzen a Beem ginn an ons Baachen (wéi z.B. d'Péitruss, d'Märeler-an d'Zéissengerbaach) fäerdeg renaturéiert ginn.

- **Ee Klimaplang ausschaffen, deen aus Klimaschutz a Klimaupassung besteet.**

Fir bis 2040 d'Zieler vun der klimaneutraler a klimaresilienter Stad z'erreechen, schafft de neie Schefferot vun der Stad ee Klimaplang aus deen duerno vum Gemengerot gestëmmt gëtt. De Klimaplang wäert sech an engems op d'Viraarbechte vun de léschte Joere stäipen an nei Mesuren enthalen. Béides gëtt an enger Strategie mat engem Zäitplang zesummegeleucht. Dee ganze Klimaplang gëtt op zwee Piliere gestallt: de Klimaschutz op där enger an d'Klimaupassung op där anerer Säit.

- **Fir onst Klima ze schützen: nohalteg Mobilitéit, Sanéierung vun de Gebaier, manner Energieverbrauch, méi erneierbar Energien an Offall vermeiden.**

Beim Klimaschutz geet et drëms an onser Stad d'CO2 Emissiounen erof ze sëtzen an an Zukunft ze vermeiden, haaptsächlech duerch d'Stärkung vun enger nohalteger Mobilitéit, der thermerscher-energetescher Sanéierung vun de Gebaier, manner Energieverbrauch an héchster Energieeffizienz, d'Ëmklammen op erneierbar Energien respektiv den Ausbau vun den erneierbaren Energien, dem Vermeide vun Offall an dem Ëmsetze vun der Kreesslafwirtschaft fir op null Offall ze kommen.

Am Mëttelpunkt vun der Stad hirem Wee a Richtong Klimaneutralitéit 2040 stinn also d'Beräicher Mobilitéit, Gebaier, Energie, Offallgestioun.

Mobilitéit: An den nächste Joere prioritär a massiv de Bus- an Tramsréseau ausbauen als reell Alternativ zum Deplacement mam Auto. Parallel a komplementär dozou de sécheren, leeschtungsstaarke Velosréseau fäerdeg bauen, weider komfortabel Weeër fir zu Fousse ze goen amenagéieren, den Duerchgangsverkéier aus de Quartieren huelen an op nei, nohalteg Mobilitéitsforme sëtzen. (cf. Kapitel iwwert d'Mobilitéit).

Gebaier: mat déi gréissten Erausfuederung fir d'Klimaneutralitéit z'erreechen, wäert déi thermesch an energetesch Sanéierung/Optiméierung vun dausende vun Haiser a Gebaier ginn, déi et elo schon an onser Stad ginn z.B. duerch eng optimal Dämmung, spuersam Beliichtung, heizen/killen a Versuerung mat Hëllef vun erneierbaren Energien (iwwer Photovoltaik, Solar-/Geothermie, Loftwärmepompe, Fernwärme asw.)

Sanéierungs- an Austauschzykle vu Gebaideeler an Heizunge ginn u sech a Joerzénge gerechent. Séier Changementer am Gebai- a Wärmeberäich daueren dofir méi laang ewéi an anere Beräicher. Wann d'Klimazieler sollen erreecht ginn, da musse ganz vill Heizunge schon éier si technesch um Ënn sinn, entweder ausgestosch oder technesch ëmgerüst gi fir datt si och mat erneierbarer Energie funktionnéiere kënnen. Dofir gi vun der Stad nach méi eng finanziell Hëllef, méi Berodung a Begleedung iwwert een zentrale Service (Solar-Gréngdach-, Energiekadaster) ugebueden.

D'Gemeng selwer sanéiert/optiméiert weider, Joer fir Joer, déi Gemengegebaier/-wunnengen, déi bestinn, thermesch-energetesch a baut just nach déi thermesch-energetesch beschte Gebaier/Wunnengen. An engems ënnerstëtzt d'Gemeng de private Bau dovunner mat z.B. Hëllef vun enger Charte fir nohaltegt Baue fir privat Bauhären.

- Energie: Duerch gezielt finanziell Ënnerstëtzung a Berodung (z.B. Solar-/Energiekadaster) an der systematescher Integratioun op de Gebaier/Wunnengen, déi d'Gemeng selwer baut, geet d'Produktioun vun erneierbarer Energie (z.B. Photovoltaik/Solarthermie) duerch d'Stad an Privatstéit weider an d'Luucht.

Duerch eng enk Zesummenaarbecht mat den Netzbedreiwler an intelligenten Energienetzer, gëtt an Zukunft d'Aspeisen, dat iwwer privat Photovoltaik produzéiert gëtt, an d'Stroumnetz vum Elektresche méiglech.

D'Cogénératiounsanlagen/Chauffage urbain (Fernwärme) vun der Stad gi weider op erneierbar Energien ëmgestallt (Pellets/Biomass) a weider Cogénératiounsanlagen/chauffage urbain wäerte gebaut ginn.

- Gestioun vun den Offäll: Den Tri an de Recyclage an der Stad gi weider verbessert. An engems gëtt no an no de Prinzip vun der Kreesslafwirtschaft an dem „Nulloffall“ ëmgesat: de Verbrauch vu Material gëtt esou kleng wéi méiglech gehalen (flécken, Liewensdauer verlängeren/Reparature méiglech maachen, manner kafen/méi deelen) an den Offall vermeiden andeems e komplett verschafft, nees benotzt gëtt. Op öffentlechen Evenementer baut d'Stad de System vu Consigne an d'Spulle vu Geschirr a Glieser/Becheren aus (multiple use). Dëse System gëtt och weider u privat Veranstalter verlount.

Den neien „Centre de ressources“ vun der Stad gëtt am Laf vun den nächste Joeren op engem Site niewend dem Märeler Kiefecht gebaut. Dësen neien Zenter gëtt net méi wéi den aktuellen ee rengen Recyclingzentrum, mä erlaabt eng Gestioun vun de Stoffer/Matiären,

gesäit dës als wäertvoll Ressource un. Dofir stinn hei d'Reparatioun, d'Erëmverwärtung, d'Kreesslafwirtschaft am Mëttelpunkt.

Ee weideren, méi grouse Ressourcenzenter kënnen an den Osten vun der Stad. An enger Rei Quartieren an iwwert d'Stad verdeelt, ginn eng Partie gréisser, zentraliséiert Sammelplazen amenagéiert.

Am öffentliche Raum gi Poubellen opgestallt, déi een éischten Tri vum Offall erlaben.

Re-use, Repair an Upcycling Servicer gi vun der Stad ënnerstëtzt andeems z.B. d'Stad selwer Lokaler fir esou Servicer lount oder a Projeten integréiert ewéi z.B. am neie Centre de ressources, dem ale Schluechthaus oder op der Theaterplaz.

Liewensmëtteloffäll an den öffentliche Structure vu der Stad (Crèchen, Schoulen, Schoulfoyeren, Kantinen/Kichen an den administrative Gebaier asw.) ginn duerch Informatioun a Berodung esou wäit wéi méiglech verhënnert. D'Gemeng keeft Liewensmëttel fir hir Besoine lokal/regional a saisonnal an.

- **Fir ons un d'Klima unzepassen: méi Beem a Gréngs am öffentliche Raum/op de Gebaier, genuch Parken, renaturéiert Baachen a Flëss, gesond Bëscher an eng effizient städtesch Versuergungsinfrastruktur.**

Bei der Klimaupassung geet et drëms, datt mir niewend enger nohalteger, kompakter Stad- a Quartiersentwécklung, onsen öffentliche Raum an d'Gebaier méi gréng maachen, déi städtesch Biodiversitéit stäerken andeems d'gréng Flächen ënnerhalen an ausgebaut, ons Bëscher nohalteger bewirtschaft an ons Baache renaturéiert ginn, an d'Leeschtung/Kapazität vun der Grondinfrastruktur vun der Stad (Dréckwaasser, Ofwaasser/Kanal) garantéiert, respektiv, ausgebaut ginn.

Dee gréngen öffentliche Raum/d'Installatioun vu Gréngs op an u Gebaier: den öffentliche Raum an d'Gebaier kënnen d'Hëtzt, déi duerch de Klimawandel am Summer ëmmer méi heefeg gëtt, nach verstärken. Dat bescht Mëttel géint dës grouss Hëtzt ass genuch Gréngs an onser Stad ze hunn: Beem, Parken, Schiet, Flächen, déi d'Sonn reflektéieren an Diecher a Fassade mat Gréngs drop/drunn.

An den nächste Joere ginn dofir iwwerall am öffentliche Raum, wou et méiglech ass, weider Beem, Gesträsichs a Blumme geplanz, nei Parke geschafen, Sonneseegelen op verschiddenen öffentliche Plazen, Parken a Spillplazen installéiert, Flächen entsiggelt fir d'Reewaasser duerchzeloossen, öffentliche Plaze mat hellem Material, dat d'Sonn reflektéiert, amenagéiert/reamenagéiert an d'Installatioun vu Gréngs op Diecher an u Fassade finanziell an duerch Berodung ënnerstëtzt.

Urban Biodiversitéit: 68% vun onser Stad si vegetaliséiert. Dat ass fir ons Stad een enormen Virdeel an ass essentiel fir déi aktuell an zukünfteg Liewensqualität vun onse Matbierger. Ons gréng Fläche mussen erhalen an ausgebaut ginn. Niewend méi a ville verschidden Aarte vu Planzen a Beem am öffentliche Raum, gi Baampatenschaften ënnerstëtzt, weider Uebstbeem geplanz, extensiv Wise geschafen, Gäert verlount, d'Gemeinschaftsgäert op d'ganz Stad ausgebaut, nei Parke geschafen, Diecher a Fassade mat Gréngs drop an drunn ënnerstëtzt an ons Baachen a Flëss fäerdeg naturéiert. Duerch all dës Measure gëtt déi urban

d'Biodiversitéit gestärkt, d'Loft ofgekillt an de Risiko vun Iwwerschwemmunge méi kleng gehalen.

Déi gréissten natierlech „Klimaanlagen“ déi et gëtt, sinn d'Bëscher an der Stad. Si späicheren enorm Quantitéite vun CO₂ a produzéieren an engems Sauerstoff. Ëm si gëtt sech gekëmmert andeems d'Stad hir vill eege Bëscher weider nohalteg (FSC-konform) bewirtschaft, méi Beem nowuesse wäerten ewéi der erausgeholl ginn a verstärkt Baamaarte geplanz ginn, déi dem Klimawandel a besonnesch der Dreechent, widderstinn.

2025 wäert d'Stad Lëtzebuerg zesumme mam Staat d'LUGA (Luxembourg Urban Garden) organiséieren. Déi räich Biodiversitéit vun onser Stad an all d'Beruffer, déi sech dorëms këmmere, stinn dann, fir e puer Méint laang a matzen am Häerz vun onser Stad, am Mëttelpunkt.

Effizient städtesch Versuergungsinfrastruktur: *D'Versuergung vun onse Matbierger mat Drénkwaasser ass iwwert d'SEBES-Leitung (1/3) an 63 kaptéierte Quellen, 4 Waassertiern a 7 Waasserspäicheren (2/3), déi alleguerten der Stad gehéieren, fir d'Zukunft geséichert. Dobäi kënn ee proaktive Quelleschutz fir d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze garantéieren. D'Stad sanéiert an den nächste Joere weider Waasserquellen, eeler Waasserleitunge ginn duerch neier ersat, Waasserspäicheren ausgebaut, d'Behandlung vum Drénkwaasser verbessert, d'Digitaliséierung vum Réseau ausgebaut fir Waasserfuiten direkt kënnen z'erkennen a vill méi op recuperéiert Reewaasser, am plaz vun Drénkwaasser, fir bestëmmten Nutzungen (ewéi z.B. d'Netzen) gesat.*

An der ganzer Stad gëtt och d'Kanalisation weider sanéiert, seng Kapazität ausgebaut a mat Capteurs iwwerwaacht, Fuite mat Hëllef vun Kameraen erkannt a gefléckt, weider Réckhaltebecke fir Reen- an Ofwaasser gebaut an d'Kläranlag Beggen fäerdeg vergréissert.

...déi beschte Sécherheet garantéieren.

- **Ee Recht op physesch a sozial Sécherheet**
- **Eng Gemengepolice schafen, déi visibel an no un onse Matbierger ass.**
- **D'Videosurveillance an der Stad ausbauen.**
- **Ee « Platzverweis » aféieren.**
- **Weider Foussgängerzone mat Borne securiséieren.**
- **D'Sozialaarbecht weider ausbauen: méi Streetworkers an „A vos côtés“.**
- **D'Sozial-Infrastruktur weider ausbauen: nei Hëllefsoffere schafen.**
- **„Housing First“ weider ausbauen.**
- **D'Sozial-Infrastruktur méi dezentraliséieren.**
- **D'Optioun analyséiere fir d'Wanteraktioun dat ganz Joer unzebidden. Aarbechtsinitiative fir Jonker ënnerstëtzen.**
- **D'Allocation solidarité an d'Energieprimeën eropsetzen.**

- **Ee Recht op physesch a sozial Sécherheet**

An onser Stad soll jiddereen d'Recht op Sécherheet hunn: d'Recht als Persoun an als Gemeinschaft physesch a Sécherheet kënnen ze liewen. Als Persoun d'Recht op Hëllef vun der Gemeinschaft ze kréien, fir ee wierdegt a selbstbestëmmte Liewe kënnen ze féieren.

➤ **Eng Gemengepolice schafen, déi visibel an no un onse Matbierger ass.**

D'Stad sëtzt sech um nationale Niveau dofir an, datt nees eng Gemengepolice agefouert gëtt. Dës soll eng Unitéit bannent der Police Grand-Ducale ginn, déi dem Buergermeeschter- a Schefferot vun de grouse Stied ënnerstellt ass, do um Terrain agesat gëtt a fir de Respekt vun der ëffentlecher Uerdnung responsabel ass. An engems sollen d'Gemengepolizisten, mat enger visibeler Präsenz an de Quartiere vun der Stad, eng Proximitéits- a Preventiounsaarbecht maachen a fir ee respektvollt a séchert Zesummeliwee suergen.

➤ **D'Videosurveillance ausbauen**

An Zesummenaarbecht mat der Police wäert d'Videosurveillance am ëffentleche Raum ausgebaut ginn.

➤ **Ee „Platzverweis“ aféieren.**

D'Stad sëtzt sech um nationale Niveau dofir an, datt d'Police d'Recht kritt mat engem „Platzverweis“ op Verstéiss géint d'ëffentleche Uerdnung ze reagiere an fir Respekt, Rou a Sécherheet am ëffentleche Raum ze suergen.

➤ **Weider Foussgängerzonen an der Stad mat Borne securiséieren.**

All d'Foussgängerzonen an der Uewerstad an op der Gare gi mat mat Borne securiséiert.

➤ **D'Sozialaarbecht weider ausbauen: méi Streetworkers an „A vos côtés“.**

Déi staark, valorisant Sozialaarbecht vun der Stad, fir Matmënschen ze hëllefen aus hirer Noutsituatioun an ee nees geregelt, autonomt a wierdegt Liewen ze kommen, gëtt weider ausgebaut andeems z.B. de Streetwork an de Service „A vos côtés“ méi Ressource kréien.

➤ **D'Sozial-Infrastruktur weider ausbauen: nei Hëllefsoffere schafen.**

Zesumme mat de sozialen Akteuren an der Regierung, gëtt eng Struktur opgebaut fir Mënsche mat psychesche Problemer kënnen ze begleeden an en charge ze huelen. Dat Selwecht gëllt fir d'prise en charge vun den Toxicomanen, wou zesumme mat alle responsablen Akteuren, d'Offer verbessert (Schafe vun enger Fraestruktur, d'Substitiounsoffer ausbauen, den Abrigado um aktuelle Site nei bauen) an op eng méi medezinesch Basis gesat gëtt.

➤ **„Housing first“ weider ausbauen.**

Zesumme mat den sozialen Akteuren gëtt d'Konzept vum „Housing First“ ausgebaut, fir datt ons Matmënschen, déi keen Dach iwwert dem Kapp hunn, eng eege Wunneng fannen ouni fir d'éischt müssen an eng temporär a kollektiv Wunnstruktur ze goen (z.B. Nuetsfoyer). An deem Kader, schafft d'Stad op hiren Terrainen och modulaire Wunnstrukture fir méi Matmënschen een Dach iwwert dem Kapp unzebiden.

➤ **D'Sozial-Infrastruktur méi dezentraliséieren.**

Ons Stad wisst wuel och an de nächste Joeren nach séier an dofir kënnst an all neien, greisseren PAP, eng Plaz fir eng dezentral sozial Infrastruktur.

➤ **D'Optioun analyséiere fir d'Wanteraktioun dat ganz Joer unzëbidden.**

D'Stad sëtzt sech bei der Regierung dofir an, datt d'Optioun analyséiert gëtt fir déi aktuell „Wanteraktioun“ d'ganz Joer unzëbidden a schafft weider mat de sozialen Akteuren zesummen, fir deene Matëenschen, déi an d'Wanteraktioun kommen, Perspektiven ze ginn (eng Aarbechtsinitiative, gesondheetlech prise en charge).

➤ **Aarbechtsinitiative fir Jonker ënnerstëtzen.**

D'Stad begleet déi verschidden Aarbechtsinitiative fir Jonker méi enk a hëlleft mat fir hinne beruflech Perspektiven ze ginn.

➤ **D'Allocation solidarité an d'Energieprimeën eropsetzen.**

D'Allocation solidarité an d'Energieprime fir Matmënsche mat engem klengen Akommes, gi weider eropgesat.

...déi bescht Zukunftschance fir ons Kanner a Jonker.

- **Modern, innovativ an inklusiv Gebaier a Schoulhäff bauen.**
- **De Besoin un neie Schoul- a Betreuungsstrukturen am viraus bestëmmen a plangen.**
- **Den Ausbau an/oder Neibau vu Grèchen, Foyeren, Schoulen a Schoulhäff zesumme mat de Kanner, den Elteren an dem Léierpersonal plangen.**
- **Méi séier mat der Renovatioun a Moderniséierung vun onse Schoulen a Schoulhäff weidermaachen.**
- **Weider innovativ Schoulkonzepter ewéi Bëschpillschoulen a Bëschklassen an der Stad schafen.**
- **An de Schoulfoyeren déi bëschte Betreuungs- an Aarbechtskonditiounen ubidden.**
- **An alle Quartieren ee Pedibus aféieren a virun all de Schoulen eng 30 km/h Zone amenagéieren.**
- **D'Spillplaze vun der Stad weider no a no moderniséieren.**
- **Aus dem Ale Kolléisch an der Stad ee Kannermuseum maachen.**
- **An all Quartier ee Jugendhaus opmaachen.**

➤ **Modern, innovativ an inklusiv Gebaier a Schoulhäff entwéckelen, déi mam Quartier zesummeliewen.**

An engems gi méi Schoulcampuser geschafen, fir kënnen d'Aarbecht tëschend de Schoulzyklen z'erméiglechen.

An onse Schoule soll et fir ons Kanner, dem Léier- a Betreuungspersonal ergonomesch adaptéiert Miwwele ginn an op mannst an all Schoul Informatisäll respektiv informatiséiert Säll gi fir datt ons Kanner léiere mat den neien Technologien ëmzegoen.

➤ **De Besoin un neie Schoul- a Betreuungsstrukturen am viraus bestëmmen a plangen.**

Am Kader vun de Quartiersentwécklungspläng (cf. Kapitel ...dat Bescht aus onse Quartieren maachen) gëtt pro Quartier eng Analyse vun der aktueller an der zukünfteg gebrauchter

Kapazitéit vun de Schoulen a Betreuungsstrukture gemaach. Op Basis vun där Analyse gëtt de pluriannuelle Programm vum Ausbau an Neibau vun de Schoulen a Betreuungsstrukturen an de Quartieren aktualiséiert an ëmgesat.

- **Mat der Renovatioun an d'Moderniséierung vun onse Schoulen a Schoulhäff méi séier weidermaachen.**

D'Gemeng optimiséiert dofir seng intern Aarbechtsprozesser weider a stellt och zousätzlech Architekten an Ingenieuren an.

- **Den Ausbau an/oder Neibau vu Crèchen, Foyeren, Schoulen a Schoulhäff zesumme mat de Kanner, den Elteren an dem Léierpersonal plangen.**
- **Weider innovativ Schoulkonzepter ewéi Bëschpillschoulen a Bëschklassen an der Stad schafen.**
- **Zesumme mat de responsible Schoulacteure kämpft d'Gemeng géint de Stress an der Schoul an fir d'Wuelbefannen, déi sozial a perséinlech Entwécklung vu de Kanner ze stäerken.**

D'Wuelbefanne vun onse Kanner ass d'Konditioun fir datt si sech gutt entwéckelen a léiere kënnen. Dozou gehéiert och eng gestärkte Mediatiouns-/Preventiounsaarbecht an Offer vu pädagogesch-psychologescher Berodung an onse Schoulen.

- **An de Schoulfoyeren déi bëschte Betreuungs- an Aarbechtskonditiounen ubidden.**

An de Schoulfoyere soll vun 7:00 Auer eng prise en charge ugebuede ginn an d'Betreiungspersonal vun der Gemeng déi beschten Aarbechtskonditiounen kréien.

D'Schoulfoyere besser an ons Quartieren abannen andeems mat de lokale Veräiner zesumme geschafft oder bei Quartiersfester matgemaach gëtt. Eng Busnavette aféiere fir Kanner aus dem Schoulfoyer op hir Fräizäitaktivitéit ze bréngen (Sport, Kultur). Ee gesond, equilibréiert Iesse mat haaptsächlech lokale Produiten an de Schoulfoyeren zervéieren.

- **An alle Quartieren ee Pedibus aféieren a virun all de Schoulen, déi op enger Hauptstrooss leien, eng 30 km/h Zone amenagéieren.**

Bei deene Schoule wou et baulech méiglech ass, ginn och Kiss&Go-Parkingen amenagéiert.

- **De Service CAPEL mat senger pädagogescher Projeten nach méi als wäertvollen Acteur vun der non-formeller Bildung fir ons Kanner a Jonker asetzen.**
- **D'Spillplaze vun der Stad no an no renovéieren, wou ee Besoin ass nei bauen an dofir suergen, datt si a Stand, propper a sécher gehale ginn.**
- **Aus dem Haff an dem Rez-de-chaussée vum Ale Kolléisch an der Stad ee Musée fir Kanner maachen.**
- **All Quartier soll ee Jugendhaus hunn a Plazen, déi zesumme mat a fir déi Jonk amenagéiert ginn.**

...d'ei bescht Gesondheetversuergung.

- **Zesumme mat den Acteuren aus dem Gesondheetssecteur, d'Grondversuergung vun onse Matbierger verbessern.**
- **Grondversuergungszentre schafen, déi fir den éischte Kontakt zoustänneg sinn.**
- **Als Gemeng aktiv iwwert d'medezinesch Grondversuergung kommunizéieren.**

- **D'Stad wëll zesumme mat den Acteuren aus dem Gesondheetssecteur, d'Grondversuergung vun onse Matbierger verbessern.**

- *D'Populatioun an der Stad wäert wuel weider séier wuessen an dofir brauchen all ons Matbierger eng ugepasst a gesond Grondversuergung. Dës betrëfft déi medezinesch wéi psychologesch a sozial Aspekter. Bei engem Mangel un Dokteren ass eng verbessert Iwwersiicht vun der medezinescher Offer néideg an en einfachen Zougang zu gudder éischer medezinescher Betreuung ass essentiel.*

D'Hausdoktere spillen hei eng ganz wichteg Roll. Zesumme mat de responsables Acteuren aus dem Gesondheetssecteur, wëll d'Stad d'Hausdoktere motivéieren an encouragéieren an hinnen en optimaalt Aarbechtsëmfeld stellen andeems z.B. infrastrukturell an/oder administrativ Barrièren aus dem Wee geraumt ginn. Den Doktere kann och am Kader vun der Stad hirer Smart-City Strategie mat digitale Projeten ënnert d'Ärem gegräff ginn.

Deen neie Schefferot organiséiert an den éischte Méint vu senger neier Mandatszäit Reunioune mat den Hausdokteren an onse Matbierger fir zesummen erauszefanne wat d'Schwieregkeeten an d'Besoinen op alle Säiten sinn. Op Basis dovunner gëtt ee Konzept an en konkreten Aktiounsplang fir eng besser Grondversuergung ausgeschafft an no an no ëmgesat.

- **Grondversuergungszentre sollen entstoen a fir den éischte Kontakt zoustänneg sinn.**

Dës Grondversuergungszentre ginn am beschte vun enger Gruppepraxis vu villen Hausdoktere bedriwwen, déi esou e verbesserten Zougang fir Patienten ubidden kënnen. Dës Grondversuergungszentre solle fir all Gesondheetsproblem den éischte Kontakt vun onse Matbierger sinn an esou uechter d'Stad verdeelt sinn, datt all Quartier optimal vun hinne profitéiere kann.

- **D'Stad kommunizéiert méi aktiv mat onse Matbierger iwwert d'Méiglechkeeten an d'Wichtigkeet vun der medezinescher Grondversuergung.**

...déis bescht Plaz fir ons Wirtschaft.

- **Weider eng attraktiv europäesch Hauptstadt, international Finanzplaz a Wirtschaftsmetropol vu Lëtzebuerg an der Groussregioun sinn.**
- **Aktivitéitszone fir kleng a mëttelgrouss Betriber garantéieren.**
- **Start-ups ënnerstëtzen an ee kreativen Hub am ale Schluethaus schafen.**
- **De Quartierscommerce aktiv ënnerstëtzen.**
- **Bei gréisser Chantiere Subside fir de Commerce aféieren.**
- **Een Nuetsrot (conseil de la nuit) schafen.**

- **Ons Stad zu beschter Plaz fir ze liewe maache wäert dozou féieren, datt si eng attraktiv europäesch Hauptstadt, eng international Finanzplaz an déi wirtschaftlech Metropol vu Lëtzebuerg an der Groussregioun bleift.**

An deem Kontext ginn interkommunal, regional an international Kooperatioune genotzt a gestärkt fir datt déi wirtschaftlech Attraktivitéit vun der Stad am Kader vun enger nohalteger Landesplanong erhale bleift.

D'Bedeelgong vun der Stad a wichtege Strukturen ewéi der Luxexpo, dem Luxembourg Convention Bureau (LCB), dem Luxembourg City Incubator (LCI), dem Luxembourg for Tourism (LFT), dem Luxembourg for Shopping (Lëtshop) gëtt nach méi gezielt genotzt fir de Commerce, d'Start-up'en, de kreativ Sektor, den Tourismus an d'Kongresszentren z'ënnerstëtzen.

Déi enk a privilegéiert Zesummenaarbecht mat der Union commerciale (UCVL) an dem Luxembourg City Tourist Office (LCTO) gëtt gestärkt.

- **An onser Stad wäerten et och weider Aktivitéitszone fir kleng a mëttelgrouss Betriber ginn.**

Déi aktuell wirtschaftlech Aktivitéitszone ginn als Standuert garantéiert an déi am PAG nei ausgewise Wirtschaftszone ginn entwéckelt.

Wirtschaftszonen, déi bestinn, kënnen ënnert bestëmmte Konditiounen a gemëschten Zonen klasséiert ginn. Zonen, wou niewend Produktioun a Schaffen och Wunnenge bäikommen, kënnen an esou méi lieweg, gemëschte Plazen entstoen.

- **Start-ups am „Luxembourg City Incubator“ gi weider ënnerstëtzt an am ale Schluethaus zu Hollerech entsteet ee kreativen Hub.**
- **D'Gemeng ënnerstëtzt de Commerce an deene 24 Quartieren nach méi aktiv.**

D'Gemeng lount a verlount weider an Zukunft och an de Quartiere Geschäftslokaler a schafft op enger Rei Quartiersplazen eng kommerziell Offer a Form vun engem öffentleche Kiosk an/oder enger öffentlecher Standplaz fir mobile Commerce (Foodtruck/Kaffiswon/Glacedwon).

- **Bei coordonnéierte Chantiere mat engem groussen Impakt gëtt eng finanziell Hëllef fir de Commerce agefouert.**

Dee neie Schefferot definéiert an den éischte Méint vun där neier Mandatszäit nom Beispill vun anere europäesche Stied wéi Bréissel, an zesumme mat der Union commerciale, d'Konditioune vun esou engem neie Subsidiesystem.

- **D'Gemeng schafft een Nuetsrot (Conseil de la Nuit) well ons Stad och an der Nuecht leeft.**

Nom Virbild vun aneren europäesche Grousstied sinn an dem Nuetsrot niewend der Gemeng, all déi Acteuren déi Nuets schaffen oder ënnerwee sinn, vertraueden. Zesumme kënnen esou Mesure geholl gi fir déi eenzel Intérêten a Besoine vun deene verschiddenen Akteuren, déi Nuets aktiv sinn, besser openeen ofzestëmmen.

Dee neie Nuetsrot kéint z.B. zesumme mat de Cafetieren, Discobesetzer an allen aneren Akteuren vun der Nuecht ee Label schafe fir op déi Jonk opzepasst (géint KO-Drëpsen asw.).

...déi bescht Verwaltung a Servicer ubidden.

- **Den Alldag vun onse Matbierger duerch eng performant, innovativ an digitaliséiert Verwaltung a Servicer vereinfachen.**
- **D'Smart City Strategie mat hire Projeten ëmsëtzen, fir d'Liewensqualitéit vun onse Matbierger ze verbesseren.**

- **Den Alldag vun onse Matbierger duerch eng performant, innovativ an digitaliséiert Verwaltung a Servicer vereinfachen.**

An den nächste Joere wäerten all administrativ Démarchen op der Gemeng entweder sur place oder online kënnen gemaach ginn.

- **Am Kader vun der Stad hirer Smart City Strategie, déi nei Technologien an d'Digitaliséierung notze fir d'Liewensqualitéit vun onse Matbierger ze verbesseren.**

Intelligent Applikatiounen a Programmer kënnen hëllef fir z.B. d'Mobilitéit ze verbesseren, den Offall ze reduzéieren, Fuiten am Waasserréseau z'entdecken, d'Chantiere besser ze koordinéieren, sech besser an onser Stad z'orientéieren, Iddeeën a Projete fir ons Stad ze deelen, sech als Nopere géigensäiteg z'ënnerstëtzen, nei Sproochen ze léieren, d'Vergaangenheet vun onser Stad nei z'erliewen asw.

D'Stad huet dofir déi léischt Joeren eng Smart City Strategie ausgeschafft fir esou Projete besser intern ze koordinéieren an déi erauszesichen an ëmsëtzen, déi och wirklech de reelle Besoine vun onse Matbierger entsprechen an déi d'Liewen vun esou vill ewéi méiglech vun onse Matbierger kënnen verbesseren.

Dës Strategie wäert déi nächst Joeren no an no ëmgesat a stänneg un den technologesche Fortschrëtt an de neie Besoine vun onse Matbierger ugepasst ginn.

...dési beschte Stad zesumme schafen.

- **Ons Stad an ons Quartieren duerch méi direkt Partizipatioun entwéckelen.**
- **All ons Matbierger solle sech direkt bedeelege kënnen.**
- **Déi aktuell Biergerbedeelegung iwwerschaffen an upassen.**
- **Eng digital Partizipatiounsplattform an zentral Partizipatiounsplaz aféieren.**

- **D'Entwécklung vun der Stad an de Quartiere wäert nach méi mat der direkter Partizipatioun vun onse Matbierger gemaach ginn.**

Am éischte Joer vun der Mandatszäit vum neie Schefferot, ginn z.B. pro Quartier all d'Awunner invitéiert fir zesumme Quartiersentwécklungspläng ze maachen.

- **All ons Matbierger solle sech direkt bedeelege kënnen.**

Nei Kommunikatiounsweeër gi genotzt fir esou vill wéi méiglech vun onse Matbierger z'invitéiere sech direkt ze bedeelegen.

- **Den aktuelle Kader vun der direkter Biergerpartizipatioun gëtt iwwerschaft an ugepasst.**

- **An der Gemengeverwaltung gëtt eng digital Partizipatiounsplattform an eng zentral „Partizipatiounsplaz“ agefouert.**

Dës Plaz gëtt an der Gemeng den zentrale Kontakt fir all Matbierger an organisiert Matbierger ewéi z.B. d'Interesseveräiner, déi sech direkt un der Entwécklung vun der Stad an de Quartiere bedeelege wëllen.